# KONTAKT

**Association des Parents d'Elèves du Lycée classique de Diekirch**

## KONTAKT

Une publication des Associations des Parents d'Elèves du LCD - 32, avenue de la Gare L-9233 Diekirch, imprimée par Yolande Coop, Mondorf-les-Bains.

## Nous contacter

Nous sommes à l'écoute de toutes vos questions, remarques, suggestions.

EN TOUTE DISCRETION

## Membres

Si vous souhaitez adhérer à notre association et encourager notre travail, nous vous rappelons nos numéros de compte

**Cotisation 2018/2019**

**APE LCD Diekirch** :

CCPLLULL

LU31 1111 0796 1070 0000

**12 € par famille**

**Merci de nous donner votre adresse email pour vous informer plus rapidement.**

## Mot de la Présidente

Chers parents, chers membres,

Nous avons le plaisir de vous faire parvenir notre nouveau « *Kontakt* » afin de vous informer de nos activités.

Dans cette édition, vous trouvez une invitation à notre traditionnelle **"Soirée Vidéo"**, un article sur le **concert F and Friends**, sur la **bibliothèque** et le projet d'établissement "***More than words***" et sur notre participation financière aux **cours d'appui** en français et en mathématiques. Grâce à votre cotisation, il nous est en effet possible d'aider le Lycée à organiser ces cours d'appui ou de faire des dons comme aux « Elèves méritants ».

Il nous tient à cœur que vous soyez et que vous restiez membre. Parlez-en à vos amis et à vos connaissances, parents d'élèves au Lycée, pour qu'ils adhèrent à notre ASBL et soutiennent nos activités.

Nous accueillons également avec plaisir tout nouveau membre pour renforcer notre comité.

Si vous souhaitez nous aider et participer à nos réunions, n'hésitez pas à nous contacter (parents.dk@lcd.lu).

Nous vous souhaitons bonne lecture de ce « *Kontakt* ».

***Pascale Kasel***
***Présidente APE LCD Diekirch***

ape association des parents d'élèves LCD Diekirch

## Nouvelles adresses email

**Ancien Bâtiment**
Secrétariat
26 807 210
26 807 211
secretariat.ab@lcd.lu

**Nouveau Bâtiment**
Secrétariat
80 80 11 210
secretariat.nb@lcd.lu

**Bâtiment de Mersch**
Secrétariat
32 02 22 210
secretariat.me@lcd.lu

**Bâtiment de Beringen**
Secrétariat
20 60 09 96 10
secretariat.me@lcd.lu

**APE LCD Diekirch**
parents.dk@lcd.lu

**SePAS LCD AB**
sepas.ab@lcd.lu

**SePAS LCD NB**
sepas.nb@lcd.lu

**SePAS LCD Mersch**
sepas.me@lcd.lu

# Concert F and Friends



Ech hunn mat vill Chance ee vun de leschten Tickete kritt fir Sonndes, den 8. Februar 2019, de Concert vun den F and Friends lauschteren ze goen.

Op dësem traditionellen Highlight vum Schouljoer hunn, ënnert der formidabeler Leedung vun der *Madamm Isabelle Hardt* an dem *Här Christophe Nanquette*, d'Chorale vum LCD, den LCD Orchester an d'Schüler un der F-Sektioun hiert Kënnen esou richteg ënner Beweis gestallt. E gutt gefëllte Programm, mat engem a capella Repertoire, Rock & Pop Lidder a klasseschen Instrumentalstecker hunn de Schüler hir Talenter glänze gelooss.

Den Engagement a d'Begeeschterung vun de Schüler an hire Proffe war op alle Gesiichter däitlech ze gesinn, an de Publikum huet mat engem häerzlechem Applaus hir Bewonnerung an hire Merci ausgedréckt.

Mäi perséinleche Favorit vum Owend war dem *Kahlid Oké* seng ergräifend Interpretatioun vum Elton John sengem Lidd, "*The Circle of Life*"; beréierend war och dem *Stéphane Schmalen* seng Versioun vum Sting senge Klassiker ewéi "*Moon over Bourbon Street*" oder "*Fields of Gold*".

Den *Dorneanu Ruben* op der Géi huet dem Wienawski seng "*Polonaise Brillante*" mat esou vill Gefill an Energie gespillt, ech si gespaant wou seng musikalesch Rees hien nach wäert hiféieren!



Ech kann nëmme Chapeau soe fir dësen Event deen all Joers erëm eng puer Freed ass. Et ass e Genoss fir d'Schüler an och d'Enseignanten esou engagéiert a mat Iwwerzeegung zu hirem Fach an hirer Passioun stoen ze gesinn. An dat mat engem Resultat wat sech méi ewéi weise léisst! A mengen Aen ass di Energie déi op dësem Concert fräigesat gëtt ee vun den zentralen Aufgabe vun eisem Lycée: senge Schüler di beschte Mëttel zu Verfügung ze stelle fir hiert Selbstwäertgefill esou ze stäerken, dass si allen Chancen a Schwieregkeeten an hirer Carrière an an hirem Liewe mat Vertrauen entgéint kucke kënnen.

Een exemplareschen Event fir d'Stäerkte vum LCD!

***Charlotte Reuter, APE LCD Diekirch***

***Photos L. Meder, APE LCD Diekirch***





## Cours d'appui

L'association des parents d'élèves soutient les élèves de 4e aidant aux cours d'appui en mathématiques et en français.

Le LCD offre - aux bâtiments à Diekirch ainsi qu'aux bâtiments à Mersch - à ses élèves des cours d'appui gratuits dans différentes branches. Ces cours sont tenus par un enseignant du LCD. Cependant, dans certaines branches, comme les mathématiques et le français, les élèves du nouveau bâtiment ainsi que de l'ancien bâtiment nécessitant de l'aide sont très nombreux. Les titulaires d'un tel cours d'appui ne peuvent pas s'occuper seuls de tous ces élèves – les effectifs approchent parfois la vingtaine! Voilà pourquoi ces enseignants sont assistés par des élèves appliqués des classes de 2e, 3e et 4e – recrutés par l'équipe du Service d'Orientation au début de l'année scolaire.

Jusqu'en 2018, tous ces élèves étaient rémunérés par le Ministère de l'Education Nationale. Or à partir de 2018, le Ministère de l'Education Nationale ne finance plus les élèves de 4e, mais uniquement les élèves de 3e, 2e et 1re. Cependant, sans les élèves motivés des classes de 4e, le LCD ne dispose pas d'un nombre suffisant d'assistants pour garantir des cours d'appui de qualité en français et en mathématiques. Vu la nécessité du support des élèves de 4e, l'association des parents d'élèves s'est déclarée d'accord de payer les rémunérations pour ces élèves suivant le barême valable du MEN jusqu'en 2018.

***Pascale Kasel***
***Présidente APE LCD Diekirch***

## D'Bibliothéike vum LCD an hir Roll am neie Projet d'établissement «More than words» am Lycée

### Kuerzen Historique iwwert Schoulbibliothéiken

Am Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwert d'Organisatioun vu Lycéeën a «Lycées techniques» gouf festgeluegt, datt all Lycée e «Centre de documentation et d'information (CDI) » sollt kréien. De CDI sollt zur pädagogescher Organisatioun vun de Schoulgebaier gehéieren an de Bibliothecaire oder Bibliothéiksgestionnaire sollt enk mat den Enseignanten zesummeschaffen.

Als Missoune vum CDI ware virgesinn :
- De Schüler bäibréngen, wéi een Informatiounen zu Theme recherchéiert, speziell mat den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologie
- Liesférderung
- Schülerbetreiung an –ënnerstëtzung, wann d'Schüler kee Cours haten
- Bereetstellung vun Dokumentatioun fir Aktiounen am Kader vun der pädagogescher Autonomie vun de Gebaier.

Am Gesetz vum 29. August 2017 iwwert den «Enseignement secondaire» koum dunn nach e Punkt bäi :
- De CDI sollt Titelen an deene Sproochen zur Verfügung stellen, déi vun de Schüler am heefegste benotzt ginn.

### Den LCD a seng Bibliothéiken

D'Situatioun vum LCD ass besonnesch, de Lycée ass de Moment op véier verschidde Gebaier verdeelt, dovun zwee zu Dikkrech (Aalt Gebai an Neit Gebai) an d'Annexë Miersch a Biereng.

Den LCD huet kee Schoulbibliothecaire, zanter Joren këmmeren Enseignanten sech mat vill Engagement ëm d'Bibliothéiken.

## De Projet d'établissement

Am neie Projet d'établissement «***More than words***» sollen d'Sproochen am Vierdergrond stinn an d'Bibliothéike valoriséiert ginn.

Dofir hu mir vun der APE geduecht, et wier flott, wann an déser Ausgab vum "*Kontakt*" d'Bibliothéiken an deen neie Projet d'établissement vun de responsablen Enseignanten géife virgestallt ginn.

Hinnen alleguer e grousse Merci fir hire Bäitrag!

## Die Bibliothek des LCD (AB)



„Von außen betrachtet erscheint das Gebäude wie majestätisch, eine uneinnehmbare Festung, die jeglichen Stürmen trotzt, ein Fels in der ewig währenden Brandung. Mit schönster roter Fassadenfarbe gestrichen, wirkt es freundlich und einladend auf den Betrachter. Gleichzeitig wird ihm das Gefühl vermittelt, an der Schwelle einer traditionsreichen Anstalt zu stehen …"

Seit das in der Avenue de la Gare gelegene 'alte' Gebäude des LCD von Grund auf renoviert ist, verfügen die Schüler und Lehrer über eine der größten und wohl auch architektonisch bemerkenswertesten Schulbibliotheken des Landes.

In einem mehr als 500 Quadratmeter umfassenden Raum, der dank riesiger Fensterscheiben von natürlichem Tageslicht erhellt wird, können mehr als fünfzig Schüler gleichzeitig an Tischen sowie auf bequemen Sofas Hausarbeiten verrichten, Bücher lesen oder einfach nur entspannen. Da die Bibliothek von morgens 7.30 bis 16.00 nachmittags den Lehrern und Schülern durchgehend zugänglich ist, wird der Aufenthaltsraum regelmäßig von einer hohen Zahl Schülern besucht. Naturgemäß steigt vor allem während der Mittagspause der Andrang, aber auch nach Schulschluss, also nach 14.35, finden sich ständig Schüler in der Bibliothek ein. Dass eine Bibliothek kein steriler und kalter Raum sein muss, sondern auch eine einladende und freundliche Atmosphäre ausstrahlen kann, zeigt das LCD. Moderne Bilder an den Wänden sowie zahlreiche Grünpflanzen zieren den Raum und tragen somit zu einem angenehmen Arbeitsklima bei.

Neun Computer geben den Schülern die Möglichkeit, eigenständig Online-Recherchen durchzuführen. Da Computer aus einer modernen Bibliothek nicht mehr wegzudenken sind, können die Schüler auch in der Schule Referate oder Beiträge zu einem bestimmten Thema selbstständig verfassen – und für eine solche Arbeit eignet sich der Rückgriff auf online-Daten bestens. Wer will, kann bei seinen Recherchen natürlich auch traditioneller vorgehen und auf die zahlreichen Nachschlagewerke und Enzyklopädien der Bibliothek zurückgreifen, um sich - zusätzlich zu Google - auf andere Weise zu informieren.

Da im 'alten' Gebäude des LCD lediglich Schüler ab Quinta unterrichtet werden, sind die Benutzer der Bibliothek in der Regel älter als 15 Jahre. Dementsprechend ist auch das Bücherangebot gezielt auf dieses Lesepublikum ausgerichtet. Ein beachtliches Budget, über welches die Bibliothek jedes Jahr verfügt, ermöglicht es, regelmäßig neue Bücher zu kaufen und somit veraltete und abgegriffene Bücher durch neue zu ersetzen.

Die Lehrer des LCD haben selbstverständlich auch die Möglichkeit, während des Unterrichts in die Bibliothek zu kommen, um dort mit ihren Schülern zu arbeiten. Aber nicht nur Schüler und Lehrer des LCD finden sich dort ein, immer häufiger benutzen auch Studenten der nahegelegenen Universitäten (uni.lu, Universität Trier, Universität des Saarlandes) das Bücherangebot des LCD. Da seit mehreren Jahren der Studiengang des '*BTS Media Writing*' am Gymnasium angeboten wird,

greifen auch diese Studenten mittlerweile auf die Bibliothek zurück, um sich auf ihre Arbeiten vorzubereiten. Dies ist in erster Linie auf den Umstand zurückzuführen, dass sich in der Bibliothek nicht nur Jugendliteratur, sondern auch spezialisierte Bücher zu allen möglichen Themen finden.

An den riesigen Bibliotheksraum grenzt ein zweiter Raum, in dem zahlreiche Dokumente und Bücher lagern, deren Erscheinungsdatum oft bis ins 18. Jahrhundert zurückgeht. Da es sich hierbei häufig um wertvolle und vor allem seltenere Dokumente handelt, ist der Raum nur eingeschränkt zugänglich. Diese Dokumente haben im Laufe der letzten zwei Jahrhunderte ihren Platz im Gymnasium gefunden; immerhin handelt es sich beim LCD um eine Schule, welche im Jahre 1830 gegründet worden ist und nicht selten haben frühere Schüler und Lehrer ihren Bücherschatz dem LCD überlassen. An die Bibliothek grenzt ebenfalls die 'Salle des périodiques', ein weiterer einladender Raum, in dem zahlreiche Zeitschriften auf ihre Leser warten.

***Mario Fioretti***

## De *Stübli*, d'Bibliothéik am NB

Onst Ziel ass et de Schüler vum Lycée classique de Diekirch d'Méiglechkeet ze bidden sech an e flotten a rouegen Kader zeréckzezéien.

Hei kënnen si net nëmmen liesen, mee si kënnen sech doriwwer eraus och méi intensiv mat verschiddenen Theme beschäftegen oder u Schoulprojeten an Hausaufgaben schaffen. Dofir stinn hinnen eng Grousszuel u Monographien, Romaner, Bildbänn, Zäitschrëften an Computeren bereet.
Gären kënnen d'Schüler sech och eent vun eisen Schach-, Kaarten- oder Brietspiller ausléinen.
Duerch verschidden Aktivitéiten ginn d'Schüler gefördert. An engem Concours zu enger Buchkritik, a Virliesungen vun Auteuren, wéi dem “American in Luxembourg”, an a Virträg vu Buchillustratoren, wéi dem Gérard Claude, sollen si zu kriteschen Diskussiounen ugereegt ginn.
D'Bibliothéik fügt sech an de gewéinleche Stonneplang an ass all Dag an der Mëttesstonn op. Hei kënnen d'Schüler mat hirer Schülerkaart gratis 3 Bicher fir eng Dauer vun 3 Wochen ausléinen
Onst Ziel ass et d'Bibliothéik NB zu engem liewegen Häerzstéck vum NB ze maachen.

Mir wënschen jidderengem weiderhin ganz vill Freed an eiser Bibliothéik an selbstverständlech och um Liesen.

***Sonny Weiller an Tanja Muller***

***What a school thinks about its library is a measure of what it feels about education. – Harold Howe***

## D'Bibliothéik am LCD Miersch



D'Mierscher Bibliothéik vum LCD zeechent sech virun allem duerch eng Particularitéit aus: si ass quasi exklusiv op Schüler vum Ennergrad ausgeriicht d.h. op eng Populatioun tëscht 12 a 15-16 Joer. Bei engem Effektiv vu grad mol 400 Schüler kéint ee mengen, datt et sech do wuel em en éischter iwwerschaubart Angebot handele muss. Deem ass nu awer guer net sou. Et muss ee bedenken, datt déi 400 Schüler sech zesumme setzen aus allen méiglechen Niveauen, souwuel aus dem Enseignement Général (classes modulaires, classes polyvalentes, classes francophones, classes d'accueil, classes générales) wéi och aus dem Enseignement Classique, moderne a latine. Komplettéiert gouf des grouss Bandbreet di läscht Joeren nach duerch Classes Paramédicales am Mëttel- an Uewergrad, fir déi d'Bibliothéik dunn och eng sëlleche Fachliteratur an der Biologie zur Verfügung gestalt huet.
D'Haapterausfuerderung war deemno eng breetgefächert Offer opweises ze hunn, déi de Wënsch a Besoine vun sou enger heterogener Schülerpopulatioun Rechnung dréit.

Am Laf vun de leschten 10 Joer hu mir d'Angebot vun onser Mierscher Bibliothéik konstant erweidert an si weist haut eng ganz Panoplie vu souwuel klassescher wéi och rezenter Jugendliteratur an de gängegen 3 Sproochen Däitsch, Franséisch an Englesch an 8 verschidden Zäitschrëften an eben deenen 3 Sproochen op. Dozou kommen Dictionnairen a Sachliteratur, déi et onse Schüler erméiglechen d'Bibliothéik fir Recherche fir hir Exposéen a Referater ze notzen. De Fait, datt ons Bibliothéik an desem Senn grad esou vu Proffen-Kollege genotzt gëtt fir hire Cours mat Jugend-Compatibeler Literatur ze komplétéieren, beweist datt ons Offer sécherlech onser Klientel ugepasst ass.

E weidere grousse Bestanddeel vun onser Bicheroffer sin di sëlleche ‚Klassen-Lektüre-Sets' déi d'Schüler am Optrag vun hirem Professer bei ons ausléine kennen, an dat och an den 3 Sproochen di enseignéiert ginn. Säit 2008 de Schüler hir “passive skills“ (Hör- & Leseverständnis) méi aktiv am Cours gefërdert ginn, hu mir onst Angebot och deementspriechend ugepasst a Bicher mat CD resp Internetlink fir Ecoutten opgestockt. Fir nach méi Méiglechkeeten a méi Attrait ze bidde mat Buch a CD ze schaffen, hu mir och versicht, souwäit wéi méiglech, de Film zum Buch ‚on offer' ze hunn fir ons jonk Klientel. Munche Schüler huet ons reegelrecht als Mediathéik genotzt, an huet uschléissend nach en Tour laanscht Zäitschrëfte gedréint oder sech eng vun den neiste Bicher-Publikatiounen ugekuckt.

An genee dorunner war ons ëmmer geleeën: d'Bibliothéik sou no um Schüler wéi méiglech ze gestalten an einfach nëmmen d'Freed um Liesen ze färderen. Sou ass et och ze erklären datt mer eng grouss Offer hunn vun der Enthologie (fir net Ageweiter, dëst sinn d'Duck Tales), The Simpsons, Graphic Novels, Comics, Mangas, Guinness World Records Bicher, Kachbicher, Kreativ-Bicher, Knobel-Bicher, a villes villes méi, wat och dee retizentste Lieser ulackele kann.

Richteg frou ware mer iwwert der Elterevereenegung hire generéisen Don am Joer 2009, mat deem si et ons erméiglecht hunn 6 Fautels, souwéi Këssen an och Deko ze kafen. Duerch des Acquisitiounen huet sech ons Bibliothéik zu engem wierklech gemittleche Raum gemausert, wou een sech gär mat engem Comic oder Buch nidderléisst fir a Rou an aner Welten anzedauchen. De Rush op di sou beléifte Fautels-Platze beweist datt och dëst eng wichteg a richteg Entscheedung war! Sou wéi d'Bibliothéik sech zanterhier presentéiert, huet si och de Sproochen-Enseignante d'Méiglechkeet gebueden di eng oder aner Lektüre-Stonnen mat hire Klassen an d'Bibliothéik ze verlageren an sou de Kontakt mat dësem wichtege Raum am Lycée ze fleegen a bei de Schüler ze förderen.

Et dierf ee gespaant si wéi d'Bibliothéik sech no de Renovatiounsaarbechten am Mierscher Gebai an de Schoulalldag wäert abannen a watfir nei Erausfuerderungen op si waarden!

*The bibliophiles*

***Conny Engel & Toiny Schreiner***



## De Projet d'établissement

more than words.

Wéi eise Projet d'établissement “***Visions***” a seng lescht Ronn gaangen ass, gouf eng Iddi fir en Nofolgerprojet gesicht an et war relativ séier kloer, dass d'Sproochen an de Viirdergrond misste réckelen.

Op eiser “journée de réflexion” am Februar 2018 sinn och schonn éischt Akzenter an déi Richtung festgehale ginn an et gouf en Opruff gemaach fir e Groupe de pilotage zesummenzestellen. An engem éischten

Entworf, deen och vum Centre de coordination des projets d'établissement guttgeheescht gouf, sinn dräi wesentlech Punkte festgehale ginn :

1) Den neie PE stellt sech der Herausfuerderung dem Frust entgéintzewierken, deen sech bei de Schüler awer och bei de Proffen a Bezuch op Sproochen breetmécht. Dofir wäert de PE eng Rei flott Aktivitéiten an de Sproochen ubidden, ewéi Theatersortien, Concoursen a Schreifatelieren lancéieren fir sou en Impuls ze ginn fir d'Sprooch als liewegt, villfälteg asetzbart Element ze erliewen a Spaass drun ze hunn, sech auszedrécken.

2) De Projet viséiert och all net Sproochefächer. An all Fach ass d'Sprooch en Instrument fir e Contenu erëmzeginn a sech mat fachspezifeschem Vokabular korrekt auszedrécken. An deem Sënn wäert de PE Formatiounen ubidden fir all d'Kollegen zu méi fachiwwergräifender Aarbecht opzeruffen.

3) E weidert wichtegt Standbeen vun onsem PE sinn d'Bibliothéiken, déi e relativ verschlofenen Androck maachen a nees zu neiem Liewen erwäsche sollen. Och hei gëllt et, souwuel d'Schüler wéi och d'Proffen, mat an d'Boot, respektiv tëscht Regaler ze kréien. Iwwer de Wee vun Formatiounen erhoffe mire is, datt mir Enseignanten gewise kréien wéi mer d'Bibliothéike ganz konkret an eise Schoulalldag kënnen abannen. Fir d'Schüler an d'Bibliothéik ze lackelen, si flott Liesungen, Treffen mat Schrëftsteller, Liesnuechten, Concoursen asw. viirgesinn.

Suwuel de Numm wéi och de Logo vum Projet "***More than words***" sollen drop hiweisen dass mer eis opmaachen fir all d'Fächer an d'Sproocheproblematik an hirer Villfältegkeet unzegoen.

Mir zielen op déi wäertvoll Zesummenaarbecht mat all eise Kolleginnen a Kollegen, déi sech op déi eng oder aner Manéier wëllen abréngen fir an den nächste dräi Joer e Succès aus eisem PE ze maachen.

*Fir de groupe de pilotage*
***Carine Bentz***

# A VOS AGENDAS



Nous avons le plaisir de vous inviter **en primeur**, en tant que membre de notre Association, à la 8e édition de notre **Soirée Vidéo** qui clôturera l'année scolaire 2018-2019. Elle aura lieu le **lundi 8 juillet 2019 à 19 h 30 au Scala à Diekirch.**

Cette soirée est possible grâce à la collaboration de Monsieur Claude Moyen. La ville de Diekirch nous met gratuitement à disposition la salle de projection au Scala. Nous remercions d'avance Madame Petit pour son dévouement.

L'inscription à la soirée gratuite est obligatoire (**parents.dk@lcd.lu**) Attention, les places sont limitées! Veuillez nous indiquer le nombre de personnes et le nom sous lequel nous devons réserver les tickets.

La soirée se poursuivra comme chaque année autour d'un verre de l'amitié offert par le LCD et l'association des parents du LCD.



***Photos J.Meder***